

3. 5107 - Projet de loi portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les États membres et les entreprises publiques

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

■ **M. John Schummer (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi 5107 ass en fait eng Transposition vum enger EU-Direktiv an zwar der Direktiv 2000/52 an eist nationaalt Recht. Si soll en fait d'Transparenz vun de Relations financières entre les États membres et les entreprises publiques regelen. Dëse Projet gouf den 12. Mäerz 2003 vum Ekonomiminister déposéiert. De 27. Februar 2003 war en dem Statsrot ënnerbreet ginn, deen dann och säin Avis den 21. Oktober 2003 zu dësem Projet ginn huet. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 23. Abrëll 2003 ginn, an eis Chamberkommission vum der Économie huet an hirer Sitzung vum 12. November 2003 meng Weinegkeet als Rapporteur designéiert an huet an darselwechter Sitzung de Projet an den Avis vum Conseil d'État examinéiert. De Rapport gouf an der Sitzung vum 21. Januar 2003 dann och ugeholl.

Ëm wat geet et also? Déi al Direktiv 80/723 vum 5. Juni 1980, déi d'Transparenz tëscht dem Stat an den Entreprises publiques, wat d'Finanzen ugeet, behandelt, gëtt duerch véier nei Direktive modifizéiert. Aus Ursaache vun Transparenz, Kloeerheet a Verständnis hunn d'Auteure vun dësem Projet et virgezunn an engem Text déi sämtlech Direktiven ze presentéieren. Et geet also ganz kloer ëm staatlech Bähëllefene hei. Ausserdeem gëtt eng Obligation fir verschidden Entreprises agefouert, eng separat Kontabilitéit ze féieren.

D'Haaptzil ass de Memberlänner an haaptsächlech der Kommission zu Bréssel en Instrument ze gi fir all Diskriminatioun, wat d'Konkurrenzregelen ugeet, auszuschléissen an de Prinzip vun der Égalité de traitement kënnen mat där Direktiv hei spillen ze loosse. Net betraff vun dësem Text sinn öffentlech Entreprises de prestation de services wéi entre autres d'Banque Centrale, d'Établissements de crédit public an déi Entreprises publiques, wou de Chiffre d'affaires annuel net iwwer 40 Milliounen Euro geet.

De Conseil d'État ass mam Text bis op eng Textmodifikatioun am Artikel 6 d'accord, mä bedauert - an ech zitéieren -: „Tout comme la Chambre de Commerce, le Conseil d'État regrette que l'exposé des motifs ne fournisse aucune indication sur l'application concrète de cette loi dans le contexte économique luxembourgeois.“ Datselwecht gëllt och fir den Avis vun der Chambre de Commerce, wéi scho gesot. Wat déi eenzel technesch Ausféierungen ubetrëfft, verweisen ech op de schréftleche Rapport, wou dat alles in extenso nozekucken ass. Ech géing lech merci soe fir d'Opmierksamkeet an lech un d'Häerz leeën dëse Projet de loi ze stëmmen a bréngen och den Accord vu menger DP-Fraktioun dozou.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Lucien Clement (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och fir

d'éischt dem Rapporteur John Schummer merci soe fir säi schréftlechen an och ausféierleche mëndleche Rapport.

De Projet, deen hei virläit, muss am Kontext vun den Dispositiounen vum europäeschen Traité gesi ginn. Déi garantéieren engersäits de Memberstaten d'Fräiheet vun der Wiel vun hirem Propriétéitsregime, an anerersäits versiche se eng fräi Konkurrenz um europäesche Banenmaart ze assuréieren, andeems se d'Konkurrenzverzerrungen mat alle Mëttelen ënnerbanne wëllen an och bekämpfe wëllen.

Den Traité gesäit vir, dass all Memberstat Recht dorop huet, fir fir e Régime d'économie mixte ze optéieren. Dat Recht dispenséiert awer déi öffentlech-rechtlech Entreprises net vun der Verpflichtung d'Regele vun der Konkurrenz ze respektéieren. D'Europäesch Kommission huet d'Flicht dofir ze suergen, dass bei der Application vun dëse Regele vun der Konkurrenz keng Diskriminatioun géintiwwer de privaten oder öffentlichen Entreprises entsteet. Si ass der Meinung, dass eng gerecht Application vun de Staatshëlfelefen un déi privat an un déi öffentlech Entreprises nëmme méiglech wier, wann eng echt Transparenz vun de finanziellen Relatiounen tëscht de Memberstaten an hiren öffentlichen Entreprises géif bestoen. An deem Sënn huet se och dës Direktiv adoptéiert, déi d'Memberstaten opfuert d'Transparenz vun allen Transferte vun öffentliche Gelder un öffentlech Betriber souwéi d'Utilisatioun vun dëse Gelder och ze garantéieren.

Fir keen Zweifel awer opkommen ze loosse, wat een ënnert deem Transfert vun öffentliche Gelder u staatlech Betriber ka verstoen, zitéiert d'Direktiv verschidde pertinent Beispiller, wéi d'Kompensatioun vun de Betriebsverloschter duerch déi öffentlech Hand oder e Prêt vun öffentlecher Stell zu privilegierte Konditiounen wéi de Verzicht vum Stat op d'Urecht vun engem Deel vun de Benefisser, oder nach Kompensatiounen vun öffentliche Chargé wéi Taxen oder Steieren. All dat muss elei mat opgefouert ginn.

D'Direktiv gesäit anerersäits vir, dass separat Konte vun allen öffentlichen Entreprises mussen opgestallt ginn. Dës Konte sollen d'Resultater vun deenen eenzelnen Aktivitéiten vun der Entreprise kloer ënnerscheeden an d'Imputatioun vun de Chargen an de Produiten, wat déi eenzel Aktivitéiten ugeet, muss se och kloer festleeën.

D'Direktiv schléisst och verschiddenen Entreprises vum hirer Application aus. Si leet Seuilé fest, déi eng Entreprise erreeche muss, fir iwwerhaupt ënnert dës Bestëmmungen ze falen.

D'Chambre de Commerce hiersäits stellt awer fest, dass d'Effet vun der Ëmsetzung vun dëser Direktiv bei eis am Land ganz limitéiert bleiwe wäerten, well engersäits déi öffentlech Versuerungsbetriber vun der elektrescher Energie, vu Waasser a vu Gas, haut schonns obligéiert si fir separat Konten ze féieren a well anerersäits de Gros vun de Lëtzebuerger öffentlichen Entreprises déi virgeschriwwen Seuilé vun der Direktiv net dépasséiere wäerten.

D'Chambre de Commerce regretéiert anerersäits, dass keng Réischt vun deene Betriber bäläit, déi iwwer eng Participatioun vun der SNCI vun der Transposition vun dëser Direktiv concernéiert sinn. Des Weideren insistéiert se awer, dass all öffentlech Betriber d'Regele vun der Transparenz vun de finanziellen Relatiounen mam Stat respektéiere missten an och separat Konte féiere missten, och wa se net ënnert d'Seuilé vun der Direktiv fale géifen an dat eleng am Sënn vun enger méi grousser Transparenz géintiwwer de privaten Entreprises a besonnesch awer vis-à-vis vum Steuerzueler. Deem Wonsch, Här President, kann ech mech

nëmmen uschléissen an ech wëll dann awer och nach zum Schluss den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, mir transposéiere mat dësem Projet bal textuell eng Direktiv vun der Europäescher Union iwwert d'finanziell Transparenz tëscht de Memberstaten an den öffentlichen Entreprises. Géint esou eng Transposition, och esou eng textuell Transposition, ass a sech näischt ze soen. Et ass gutt, mengen ech, wann een déi wuel ausgeduechten Direktiv esou transposéiert. Allerdéngs muss ech och - wéi den Här Clement - bedauern, dass am Fong geholl der Chamber keng Reflexioun vun dem Wirtschaftsministère virläit, wat dann elo den Effet vun dëser Direktiv fir Lëtzebuerg ass. Déi Fro stellt esouwuel d'Chambre de Commerce, déi och net fundeg ginn ass wien dann elo dovunner concernéiert wär, wéi och de Conseil d'État, dee sech seriö Froen doriwwer stellt.

Ech hunn och net am Rapport vum Här Schummer gesinn, ob an der Chamberkommission doriwwer diskutéiert gi wär, ob der Chamberkommission Donnéeën dofir géinge virleien. A meng Perplexitéit ass also grouss, wat dann elo dësen Text, dee mer jo wuel mussen transposéieren, fir Lëtzebuerg vun Effet huet. Wann een elo déi Exceptionne kuckt, déi an der Direktiv sinn, an et ass scho gesot ginn, déi Entreprises déi Waasser, Gas an Elektresch verdeele falen net drënner, déi hu souwisou schonn d'Obligation fir separéiert kloer Konten ze hunn, et falen och net drënner d'Banque Centrale, d'Établissements de crédit publics wa se öffentlech Fongen zu normale Konditiounen verwalten an Entreprises, déi e Chiffre d'affaires ënner 40 Milliounen Euro hunn.

Also och eng Fro un den Här Wirtschaftsminister a vläicht och u seng Servicer, wat dann elo wierklech heimat gemengt ass a wat op d'Lëtzebuerger Betriber oder d'öffentlech Betriber heimat zoukënn. Dat gesot, ass meng Fraktioun selbstverständlech d'accord mat dësem Projet.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol eise Merci un all déi Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn.

Hei soll fir Kloeerheet an de finanziellen Relatiounen tëscht dem Stat a sengen Entreprises gesuergt ginn, mat getrennter Buchféierung fir déi eenzel Aktivitéiten an dësen öffentliche Betriber. Den ADR ass mat dësen Ziler averstanen a wäert och herno de Projet matstëmmen.

Den Ausgangspunkt ass d'Direktiv 80/723/CEE, déi awer schonn duerch dräi weider Direktiven ëmgeännert ginn ass. Si steet am Zusammenhang mat den Ënnerstëtzen, déi vum Stat zougestane kënnen ginn. D'Haaptzil vun der Direktiv ass et, de Memberstaten an der Kommission d'Mëttelen ze ginn, de Prinzip vun der Gläichbehandlung ze garantéieren, fir ouni Diskriminatioun Konkurrenzregelen och bei de staatleche Betriber unzewenden.

Ech wëll awer op e wichtege Punkt aus dem Avis vun der Handelskammer zrëckkommen. Hei gëtt bedauert, dass et net kloer ass wat fir Lëtzebuerger Entreprises ënnert

dës Direktiv falen, wat fir eng eventuell weinst enger Bedeelegung vun der SNCI betraff sinn a wéi et da mat de sëllegechen Établissements publics an deem Zesammenhang steet.

Et gëtt och festgehalen, dass einfach den Text vun der Direktiv iwwerholl ginn ass, ouni d'Begrëffer op déi spezifesch Situatioun hei unzepassen, fir méi prezis déi betrafte staatlech Instanzen a Betriber ze definéieren. Och de Statsrot bemängelt d'Tatsaach, dass näischt Konkretes iwwert den Afloss vum Gesetz op eis Économie vum Wirtschaftsministère ausgesot gëtt.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

D'Handelskammer schreift dann och nach, dass den Afloss vun dësem Gesetz relativ kleng wär, engersäits, well déi öffentlech Verdeelungsbetriber fir Waasser, Elektesch a Gas elo scho weinst der Liberalisatioun vun hire Mäert separat Konte féiere mussen an anerersäits, well eng ganz Rei vu Betriber ënnert de Grenzwäert vu 40 Milliounen Euro Émsaz falen, also net onbedéngt musse separat Konte féieren.

Aus dem Wirtschaftsministère gëtt bestätegt, dass déi meescht staatlech Betriber net vun dëser Direktiv betraff sinn. Dofir weist d'Handelskammer op d'Noutwendegkeet hin, allgemeng fir Kloeerheet an de finanziellen Relatiounen tëscht dem Stat a sengen Entreprises ze suergen a systematesch getrennte Buchféierungen, fir déi eenzel Aktivitéiten anzeféieren.

Separat Konte mat enger analytescher Kontabilitéit fir déi verschiddenen Aktivitéiten sinn nämlech haut eng Selbstverständlechkeet fir all öffentleche Betrib. Besonnesch weinst der noutwenderger Transparenz vis-à-vis vum Steuerzueler a weinst de verstoppte Subventionisméiglechkeeten, déi zu Konkurrenzverzerrungen féiere kënnen; dëst zum Nodeel vu Privatbetriber.

Den ADR ënnerstëtzt selbstverständlech dës Fuerderung a bedauert, dass dëse Projet net méi wäit op deem Punkt geet. Den ADR ass mat den Ziler vum Projet averstanen a stëmmt dofir dëst Gesetz mat.

Ech soen lech merci!

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech wollt e puer Reaktiounen weisen op Basis vun enger Question parlementaire, déi ech un den Här Minister vun der Économie gestallt hat a wou ech gefrot hat, firwat déi Direktiv, déi mer haut sollen an d'Lëtzebuerger Recht integréieren, sou spët a sou laang gedauert huet, well d'Direktiv gesäit nämlech vir, dass se misst bis den 31. Juli 2000 an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn.

Mir krute vun der Commission européenne eng Action en manquement intentéiert an et huet awer nach relativ laang gedauert, bis dat Gesetz elo endlech hei an der Chamber gestëmmt gëtt.

Mä nach sinn ech och bei där Geleeënheet gewuer ginn, dass d'Regierung mer deen Ablack net konnt soen, wat fir eng Entrepris vum der Direktiv concernéiert sinn. D'Direktiv an d'Gesetz, wéi mer et elo virgesinn hunn, gesinn zwee verschidde Champs d'application vir, deen een, wou de Stat oder d'Gemeenge Relatiounen hu mat enger Entreprise publique an zweetens d'Obligation, fir separat Konte virzegeséi fir verschiddenen Entreprises, déi iwwer Spezialrechter oder Exklusivrechter verfüegen.

Anscheinend wier fir deen éischte Volet vum Gesetz a vun der Direktiv keen Établissement public, keng Entreprise, viséiert, mä bei deem zweeten, do wäeren et der relativ

vill. An da kënnt doriwwer eraus och nach déi Notion, dass de „Chiffre total annuel net“ misst iwwer 40 Milliounen Euro vun deene Betriber sinn iwwert de Laf vun deenen zwee leschte Joren. Ech huelen un, dass dat awer misst fir d'Joren 2000 an 1999 sinn, oder sinn et déi Joren, déi elo en cours sinn? Do wier et also interessant ze wësse vum Här Minister, wat fir eng Entrepris viséiert sinn.

Notamment mengen ech, dass d'Spuerkeess hei viséiert ass, well déi bis elo keng Dividenden un de Lëtzebuerger Stat ofginn huet, wat enger Subventionéierung gläichkënn. Dat ass fir d'Joer 2004 elo net méi de Fall, sou dass ech unhuelen, dass déi vun enger anerer Gesetzgebung nach kënnent betraff sinn. Déi lafe selbstverständlech och nach ënner Publikatioun a Réglementatioun vun de Banken. Héchstwahrscheinlech misst et do d'Post sinn. Dofir wier et wichteg, wann den Här Minister ons weinstens e puer vun deene groussen Entrepris kéint uginn, déi vun dësem Gesetz profitéieren.

Wat nach net ganz kloer ass, dat ass, ob déi Gesetzgebung beinhalt, dass wann ee muss Comptes séparés opféieren, ob déi och da mussen am Registre de commerce sous forme vu Comptes séparés publizéiert ginn? Dat schéngt mer eng Obligation ze sinn, déi sech aus dem Gesetz iwwert de Registre de commerce ergëtt, mä formell steet et an dëser Direktiv net, an och net am Gesetz.

Ech wier dofir frou, Här Minister, wann Der ons do kéint eng Informatioun ginn, well ech erënnere mech, dass Dir mer gesot hutt, anlässlich enger Interpellatioun iwwert dëse Punkt, Interpellatioun, déi an eng Question avec débat ëmgewandelt gi war, dass ënner kengen Emstänn Dir géingt d'Comptes séparés vun der Post beispillsweis publizéieren. Mir perséinlech schéngt dat en contradiction ze si mat dem Gesetz, wat mer elo stëmmen, an dofir wier ech frou ze wësse wéi d'Regierung dëse Punkt interpretéiert.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Minister Henri Grethen.

■ **M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.**- D'Ëmsetzung vun dëser Direktiv an d'nationaalt Recht schéngt jo keen technesch juristesche Problem fir d'Deputéierten ze sinn. D'Fro ass just, wat fir eng Entrepris falen drënner?

Sukzessiv Regierungen waren der Meinung, dass deen Text op Lëtzebuerg net applicabel wier an dofir hunn och sukzessiv Regierungen déi verschidden Direktiven - Dir kënnt dat nokucken - 1980, 1985 net ëmgesat. Mir hunn derno elo viru kuerzem, 2001, vun der Kommission gesot kritt, mir missten se awer ëmsetzen. Dofir setze mer se ëm, sinn awer haut nach net an der Lag fir ze soen - dat ware mer net an der Lag der Chambre de Commerce ze soen, ware mer net an der Lag dem Conseil d'État ze soen, ware mer och net an der Lag der Chamber ze soen -, wien dann elo definitiv drënner fält.

Et mag sinn, dass nei Entitéiten, déi en création sinn, wéi zum Beispill bei der Stad Lëtzebuerg oder muer vläicht bei der Stad Esch, drënner falen. Et mag sinn um Niveau vun der SES. Si sinn amgaangen den Text millimetergenau ze kucken, ob si kënnent drënner falen oder net. Vu dass eng Rei Établissements d'office ausgeschloss sinn, wéi zum Beispill d'Établissements financiers, ass d'Spuerkeess, ob se Dividende bezillt oder net, ausgeschloss, ass net am Champ d'application vun dëser Direktiv dran. Vu dass déi Entreprises, déi manner wéi 40 Milliounen Euro Chiffre d'affaires hunn, och ausgeschloss sinn, sinn eng ganz Rei Entreprises net dran.

Ech ka just der Chamber soen, souwäit wéi mer wäerte laut dëser

Direktiv Renseignementer musse ginn, wäerte mer déi als Regierung der Kommissioun a selbstverständlech och der Chamber ginn.

Wat elo d'Comptes séparés an d'Comptabilité analytique ugeet - den Här Henckes huet eng Äntwert vu mir rappeléiert -, wëll ech der Chamber nach eng Kéier soen, dass een als Geschäftsmann a wann de Stat Propriétaire vun enger Entreprise ass, dann ass dat awer eng Entreprise commerciale, da muss déi sech bewege wéi all déi aner. Do kann een dann nème soen, d'Guttheet ass e Stéck vun der Dommheet. Wann een do senge Konkurrenten Dier an Aangel opmécht, wannn een hinnen d'Strécker liwwert un deene se ee kënnen ophänken, dat wier utopesch an ech mengen, dass d'Lëtzebuurger Regierung op alle Fall wäert dofir suergen, dass déi Entreprises, déi an der Propriétéit vum Stat sinn, wuel eng fair Konkurrenz, mä awer och eng loyal Konkurrenz, mä trotzdeem eng Konkurrenz maachen, an net dass se d'Waffe strecken éier de Krich iwwerhaupt ugaangen ass.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5107 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleien-de Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert (par M. Théo Stendebach), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Marc Zanussi), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4752B iwwer en

europäeschen Informationssystem vum de Gefierer an de Führerschäiner. D'Wuert huet als Éischen de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Ageschriwwen si bis elo déi Häre Krecké a Greisen.

4. 4752B - Projet de loi portant approbation du Traité sur un système d'information européen concernant les véhicules et les permis de conduire (EUCARIS), signé à Luxembourg, le 29 juin 2000

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 29. Juni 2000 ass hei zu Lëtzebuerg en Traité iwwer en europäeschen Informationssystem ënnerschriwwen gi wat d'Autoen an d'Führerschäiner ubelaangt. De 6. Juli 2001 ass d'Chamber mat engem Amendement vum Transportminister befaasst ginn an op Urode vum Statsrot ass dunn de Projet de loi 4752 an zwee Deeler gespléckt ginn. Den 3. Juli 2002 hu mir hei den éischte Volet gestëmmt, an zwar ass et deemools ëm nei Attributiounen gaange fir d'Société nationale du Contrôle technique.

Well den EUCARIS-Traité allerdéngs muss konform mat der Direktiv vum Europäesche Parlament 95/46/CE an där vum Conseil vum 24. Oktober 1995 iwwert de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën sinn, konnte mir zu deem Zäitpunkt dee Volet hei nach net stëmmen. Dat huele mer dann haut no, well d'Gesetz iwwert den Dateschutz jo de 17. Juli 2002 hei ugehall gouf an dat dréit den Datum vum 2. August 2002.

Bei dem Traité EUCARIS geet et u sech ëm d'Ëmsetzung an och d'Exploitation vun engem technesche System, fir Informatiounen iwwert d'Immatrikulation vun Autoen an d'Ausstelle vu Führerschäiner auszuwieselen. Domadder soll och de Bedruch mat gestuelenen Autoe verhënnert ginn.

Och déi frauduléis Iwwerschreiwung vu Führerschäiner kann duerch dësen Traité verhënnert ginn. No dem Fale vun de Grenzen an der Europäescher Unioun huet sech nämlech erausgestallt, datt virun der Réimmatrikulation vun engem Auto eng seriö Kontroll noutwendeg wier.

An engem Projet pilote vun 1993 goufen ënnert de Benelux-Länner schonn éischt gutt Erfahrung gesammelt, esou datt och Däitschland a Groussbritannien mat Nordirland zesummen 1995 dësem Ofkomme bäigetruede sinn. Deemools gouf dann och décidéiert, fir am Nachhinein en internationalen Traité auszeschaffen.

Esoubal déi zoustänneg Instanzen e Verdacht hunn, mussen se direkt d'Forces de l'ordre aus hirem Land dovun a Kenntnis setzen an duerch d'Notzung vu gemeinsame Logicielen hunn déi national Instanzen och Zougrëff op d'Banken de données vun deenen aneren auslänneschen Autoritéiten. Den EUCARIS-System erlaabt doniewent och eng besser Gestéioun vun deenen nationale Fichieren duerchzeféieren. Aner EU-Länner, an dat ass interessant, wéi zum Beispill Schweden, Finnland, Spuenien, Portugal oder Italien, wéi och awer schonn osteuropäesch Länner, hu sech bereet erkläert, dem EUCARIS-Traité an Zukunft bäizetrieden.

E wichtege Volet vun dësem Gesetz ass natierlech d'Protektioun vun den Donnéeën. Mir hu jo d'Gesetz iwwert den Dateschutz hei gestëmmt, an dat stellt mat Sécherheet och eng gewësse

Sécherheet duer. Am Traité sinn awer elo nach zousätzlech Dispositionen agebaut, fir - wéi gesot - eng optimal Sécherheet vun der Notzung vun deenen eenzelnen Donnéeën kënnen ze garantéieren. Den Artikel 19 gesäit dann och d'Asetze vun engem Komitee vir, deen d'Exekution vum Traité soll iwwerwaachen an och garantéieren, an all Land huet, onofhängeg vun der Zuel vu senge Vertrieeder, an deem Komitee allerdéngs nëmmen eng Stëmm. Eventuell gemeinsam Fräen, déi entstinn, ginn dann zu deene gläichen Deeler ënnert deenen eenzelne Länner opgedeelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei zu Lëtzebuerg ass jo d'Société nationale de contrôle technique zoustänneg fir d'Immatrikulation an d'technesch Kontroll vun den Autoen, an esou wéi mir jo hei den 3. Juli d'lescht Joer décidéiert hunn, ass d'SNCT och nach fir eng Rei aner administrativ Aarbechten an deem Kontext kompetent, wéi zum Beispill d'Ofhale vun den theoreteschen Examen, dann och d'Organiséiere vun de prakteschen Examen, an zwar vun Examineuren, déi allerdéngs da vum Transportministère agréiert sinn. Da si se zoustänneg fir déi éischt Ausstellung an d'Erneuerung vun de Führerschäiner, d'Iwwerschreiwung vun auslänneschen, net communautaire Permissen, an och nach finalement fir d'Gestéioun vun den Dossiere vun der Conduite accompagnée. D'SNCT ass doniewent awer och fir d'Sécherheet vun den enregistrierten Donnéeën zoustänneg. Also musse Moossname getraff ginn, déi d'Lecture, d'Kopie, d'Emännerung oder d'Läsche vun Informatiounen net géinge méiglech maachen.

Här President, den EUCARIS-Traité tritt den éischten Dag vum zweete Mount a Kraaft, nodeem e Land seng véiert Approbation, Akzeptation oder Ratifikation kritt huet. D'Lëtzebuurger Regierung ass iwwereng och Dépositaire vun dësem Traité. Dofir si mir jo als Kommissioun der Meenung, dass déi Informatiounen, déi am EUCARIS-Espace zirkuléieren, sollen hei zu Lëtzebuerg zentraliséiert ginn. Dësen Traité ass jiddefalls och e Beweis méi, dass d'Zesummenaarbecht tëschent eenzelne Staten um europäesche Plang ëmmer méi u Bedeitung gewënnt, an et ass ze hoffen, dass dës gutt Initiativ sech wäert elo ausbreeden op déi ganz Europäesch Unioun, a wéi ech lech jo virdru gesot hunn, sinn do schonn eng Rei vu Länner, déi Intérêt manifestéiert hunn, fir dësem Traité bäizetrieden.

Ech géing lech och deementspriedend bieten, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen, a soen lech merci fir Aert Nolauschteren a bréngen och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Clement freet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schréfftlechen a mëndleche Bericht. Deem ass vun eiser Säit näischt méi zouzefügen, an ech géif dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Sinn déi aner och d'accord? Et schéngt es. Da froe mer den Här Statssekretär. Den Här Statssekretär huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här President, ech wollt awer och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen, a virun allem schréfftleche Bericht, wou en eis hei erkläert huet, dass mer hu misse fir d'éischt konform sinn zu enger Direktiv iwwert de Schutz vu perséinlechen Donnéeën, wat mat engem Gesetz vum 2002 gemaach ginn ass, ier dann elo definitiv deen Traité hei kann adoptéiert ginn, wou et also geet ëm den Informationssystem am Beräich vun den Autoen, Immatrikulation a Führerschäin, an ech wëllt och dann der Chamber merci soe fir déi grouss Zoustëmmung zu dësem wichtege Projet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4752B a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien-de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dergir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 42 Jo-Stëmmen an 12 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Marco Schank), Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Rippinger freet d'Wuert.

5. Intervention de M. Jean-Paul Rippinger

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech wollt kuerz d'Wuert froen zum Ordre du jour. Et ass mer de Moie Folgendes zougedroe ginn, dass de Minister vun der Santé a vun der Sécurité sociale gëschter zwar net am Sall war, awer héieren huet, iwwert d'Televisioun, dass den Här Gibéryen gesot huet - an en hat jo och

Recht mat engem groussen Deel vun deem wat e gesot huet -, dass eng Partie Froe vun der Regierung nei beäntwert sinn. De Minister vun der Santé an der Sécurité sociale, deen en hei och genannt huet an där Interventioun, huet a senge Servicer nogekuckt an huet constatéiert, dass all Froen, déi un hie gericht sinn, aus sengem Ministère fort sinn. Et ass awer richtig, an dat kann och sinn, mir hunn dat nogekuckt, dass déi Froen net alleguerten hei ukomm sinn. Et ass net déi eenzeg Explikatioun, mä et ass och eng Explikatioun.

Firwat huelen ech d'Wuert? Well ech froen, dass mer dat sollen an Zukunft eng Kéier an der Conférence des Présidents diskutéieren. Well et geet duer, d'Antworte vun de Froen ze transitéieren duerch de Minister vun der Informatioun. An et ass awer och net deem seng Schold, mä et geet duer, dass e Fonctionnaire a Congé ass oder dass e krank gemellt ass, dass da méi wéi aacht oder zéng Deeg sinn, wou esou eng Fro tëschent dem Datum, wou se beäntwert gëtt a wou se hei ukënnt, dass eben deen Délai do dotëscht ass. An dofir wollt ech ebe just dat nème soen, dass mer eis eng Kéier sollen där Saach do unhuelen. Vlächst kréie mir en direkte Wee tëschent der Regierung an tëschent der Chamber ze wielen, a fir zur gläicher Zäit ze soe wat de Minister vun der Santé an der Sécurité sociale mir opgedroen huet, dass seng Froen all beäntwert wäeren.

M. le Président.- Den Här Gibéryen freet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Minister, ech si selbstverständlich frou fir déi Äntwert, déi den Här Rippinger elo ginn huet, mä wéi gesot, et ass nach ëmmer...

(Interruption)

...vlächst nach eng Kéier mam Minister vun der Réforme administrative dann och schwätzen, fir aner Prozeduren ze kréien. Mä fir dem Här Rippinger awer Recht ze ginn an de Beweis ze bréngen, dass dat stëmmt, dass dat net alles esou klappt: Esou huet mäi Kollege Roby Mehlen eng Question parlementaire - et ass och eng vun deenen, déi ech gëschter hei opgezielt hunn - un de Minister vun den Travaux publics geschéckt. A well dat jo iwwert de Minister vum Relatione mam Parlament, den Här Biltgen, leeft, huet den Här Biltgen se net un de Minister vun den Travaux publics weiderginn, mä en huet se un de Minister vun der Kultur weiderginn, d'Madame Hennicot. An d'Madame Hennicot huet dunn, no laanger, räiflechter Iwwerleeung, déi Question erëm un den Här Biltgen zréckgeschéckt a gesot, et géif si net concernéieren, mä den Här Biltgen sollt se un d'Madame Hennicot vum Ministère vun den Travaux publics erëm weiderschécken.

Une voix.- No dräi Méint! No dräi Méint!

M. Gast Gibéryen (ADR).- No dräi Méint ass et dann elo tëschent de Ministeren, obschonns et un dee richtegen adresséiert war, endlech elo bei deem richtegen ukomm. An da wäert et elo nach e Mount dauere bis mer d'Äntwert hunn.

Et gesäit een also, Här Rippinger, Dir hutt Recht, et ass villes an dem Zirkuléieren an dëser Regierung falsch, an dofir musse mir schonn eng Hand mat upaken, dass mer do Remedur geschaf kréien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuwen.

(Fin de la séance publique à 11.03 heures)